Chambre des Députés
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Question écrite n°4900

Audit interne et irrégularités administratives au MENJE

Déposée par: *Weydert Stéphanie*
Adressée à: *Meisch Claude, Ministre de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*
Déclarée recevable le: *09.10.2026*
Date limite de réponse: *08.11.2026*

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

De Mëssbrauch vun gefälschten Dokumenter an onreegelméisseg administrativ Decisiounen hate rezent souwuel an der Direction générale de l'immigration wei och am Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) zu Perquisitiounen gefouert.

An der Antwert op meng parlamentaresch fro N° 4483 äntwert den Här Minister : " Am Joer 2024 gouf beim MENJE en internen Audit lancéiert. Am Kader vun dëser Analys goufen eng Rei vu strategesche Pisten iwwerpréift, wat schlussendlech dozou gefouert huet, datt eng Rei vu wesentleche Verbesserungspunkten an d'Praxis iwwerholl goufe fir d'Prozeduren ze moderniséieren. […]: Deen traditionelle 4-Aen-Prinzip gouf systematesch duerch e méi strenge 6-Aen-Prinzip ersat. Dëst bedeit, datt d'Validatioun an d'Kontroll vun engem Dossier elo iwwer dräi verschidden administrativ Instanze lafen: d'Gestionnairen, déi den Dossier betreien, de Chef de direction oder säin Adjoint, souwéi de Chef de service oder säin Adjoint."

An deem Kontext wollt ech follgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen:

• Wat war de geneeën Objet vum internen Audit, deen 2024 beim MENJE lancéiert gouf? Goufen et deemools schonn Indicen op Mëssbrauch oder Onreegelméissegkeete festgestallt, notamment am Zesummenhang mat der Notzung vu gefälschten Diplomer fir d'Erhale vun Openthaltsgeneemegungen?

• Wéi eng Entreprise huet den Audit duerchgefouert? Gouf an deem Kader e Marché public ausgeschriwwen?

• Sinn Dossiere vun de Perquisitioune betraff, déi no den Ajustementer an de Prozedure beim MENJE gemaach goufen?

• Goufen am Kader vun den Enquêtë Mataarbechter aus dem zoustännege Service fir d'Unerkennung an d'Homologatioun vun auslänneschen Diplomer suspendéiert? Falls jo, wéi vill Mataarbechter waren dovu betraff?

Här President, bieden ech lech, main déifste Respekt unzehuelen.

Stéphanie Weydert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4900 vun der honorabeler Deputéierte Stéphanie Weydert

1. **Wat war de geneeën Objet vum internen Audit, deen 2024 beim MENJE lancéiert gouf? Goufen et deemools schonn Indicen op Mëssbrauch oder Onreegelméissegkeete festgestallt, notamment am Zesummenhang mat der Notzung vu gefälschten Diplomer fir d'Erhale vun Openthaltsgeneemegungen?**

   Ugangs wëll ech op d'Äntwerten op d'parlamentaresch Fro Nr. 4483 vun der honorabler Deputéierte verweisen, an deenen d'Prozedure vun der Unerkennung vun engem Diplom duerch de Service de la reconnaissance des diplômes (SRD) an d'Adaptatiounen opgrond vum internen Audit schonn erkläert goufen.

   Den Ulass vum internen Audit, deen 2024 duerchgefouert gouf, war e professionellt Feelverhale vun enger Mataarbechterin, där nogewise konnt ginn, datt si an dräi Fäll gefälschten Dokumenter an en Dossier geluecht hat. Déi concernéiert Persoun ass beim Parquet signaléiert ginn, an no enger Disziplinarprozedur aus dem Staatsdéngscht entlooss ginn. An deem Zesummenhang hu Perquisitiounen am Abrëll an August 2024 am SRD stattfonnt.

   Opgrond vun dësem Virfall sinn d'intern Prozedure vum SRD iwwerschafft ginn. Den SRD hat zu deem Zäitpunkt keng Informatiounen, datt dëst Feelverhalen am Zesummenhang kéint stoe mat dem Ausstelle vun Openthaltsgeneemegungen.

2. **Wéi eng Entreprise huet den Audit duerchgefouert? Gouf an deem Kader e Marché public ausgeschriwwen?**

   Wéi schonn ënner Punkt 1 erwäänt, gouf en internen Audit a keen externen Audit duerchgefouert. Dofir gouf keng extern Firma mat der Duerchféierung vum Audit beoptraagt.

3. **Sinn Dossiere vun de Perquisitioune betraff, déi no den Ajustementer an de Prozedure beim MENJE gemaach goufen?**

   D'Dossieren, déi vun der Perquisitioun betraff waren, goufen all virun den Ajustementer vum SRD traitéiert.

4. **Goufen am Kader vun den Enquêtë Mataarbechter aus dem zoustännege Service fir d'Unerkennung an d'Homologatioun vun auslänneschen Diplomer suspendéiert? Falls jo, wéi vill Mataarbechter waren dovu betraff?**

   Wéi schonns erkläert, gouf eng Mataarbechterin vum SRD am November 2023 aus dem Staatsdéngscht entlooss, dëst no enger Disziplinarprozedur.

Lëtzebuerg, de 16. November 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH